RENDEZ-VOUS MAM BUCH
20. FEBRUAR 2009

uso bäitrag RVmB

KLOER POLIZEIAARBECHT

Objektive Hermeneutik in der Polizeiausbildung, ass den Titel vun engem eppes méi aussergewéinleche Buch, dat de Roger Seimetz eis dëse Freideg am Rendez-vous mam Buch presentéiert.
't geet ëm polizeilechen Alldag mam Bierger.

Wéi soll den Ëmgank sinn? Wéi sollen d'Gespréicher um Telefon verlafen? A wéi sollen esou spezifesch Situatiounen an dem Policestudent seng Ausbildung erageholl ginn?

Un Hand vun de ville Beispiller a Rollespiller aus dem Buch aus engem Berliner Verlag, erkläert de Roger Seimetz, wéi an der Polizeiausbildung Kommunikatioun kann optiméiert ginn.

Objektive Hermeneutik in der Polizeiausbildung, en intimidanten Titel, deen op den éischte Bléck effarouchéiert a rebarbativ Matière versprécht, zemol wann een den Ënnertitel matliest: *Zur sozialwissenschaftlichen Grundlegeung eines Curriculums.*
Wäit gefeelt!
Gesti mer et allerdéngs an, perplex, *Hermeneutik*, onnach *objektiv* Hermeneutik, ass keen evidenten Titel, dach, fir de soziowëssenschaftleche Berliner Verlag Duncker & Humblot schonn a fir seng Rei *Soziologische Schriften*, vun där eise Band de 76. ass, mä ouni etymologesch Erklärung wëll ech d'Rezensioun net ufänken. Ech *kéint* – an dat verstitt der, wann der héiert an duergeluegt kritt, ëm wat et geet a vrun allem, *wéi* den Auteur Thomas Ley säin Exposé genial kloer, richteg intressant a speziell lieshongreg opgebaut huet –, ech kéint direkt in medias res goen, mä „Hermeneutik" wëllt a kuerze Wierder erkläert ginn.
't kënnt aus dem Algriicheschen *hermäneutik'ä*, wou mer Hermes erëmfannen, de Gëtterbote, oder einfach *hermäneía*, d'Fäegkeet ze schwätzen, d'Sprooch, den Ausdrock, d'Duerstellung, an *hermäneús*, de Messager, de Bote, deen, deen erkläert, den Dolmetscher och; an: *tik'ä*, vun *tékhnä*, Konscht, Technik. *Hermäneutik'ä* ass also d'Konscht, Texter a Konschtwierker (Biller, Skulpturen, Architektur) z'erklären, an och gesellschaftlech Procederen, an dorëms ass et, wou et hei an der Polizeiausbildung geet. Den Thomas Ley erkläert mat wëssenschaftlechem Verfahren, awer duerch Beispiller liicht verständlech gemaach an anschaulech duergeluegt. Ëmsou méi, wëll et an enger zweeter Bedeitung vun Hermeneutik ëm eng Method geet, dem Mënsch seng Existenz, säin „Dosinn" ze verstoen. An dësem Fall *objektiv* – der Polizei hir Alldagsaarbecht. Objektiv! D.h. sachlech. Onparteiesch. Ouni Gefiller, Wäerter an Uerteeler wëllen dranzeleeën. An dat wëllt bei der Institutioun, déi hei op 480 Säiten ënnert d'Lupp a scho bal an d'Schosslinn vun *objektiver* Analyse geholl gëtt, wierklech eppes heeschen.
Well, wie kennt net de polizeileche Grouss am Fall vun Ugehale ginn: An? Wéi heesche mir? Oder d'imperativ Opfuerderung ouni Grouss: Weist mer mol Äre Führerschäin. Ech ginn zou, haut ass d'Ëmgankssprooch eng aner, well d'Kandidaten an de Promotiounen zanter enger Rei Joeren *anerer* sinn an *anescht* ausgebilt gi sinn.
Virewech geholl: Dem Thomas Ley seng Sprooch ass déi vum Akademiker a Soziolog, deen hien ass, mä sou, wéi hien d'Beispiller a Form vu Rapporte bei Polizeiactiounen duerleet, si Sequenz fir Sequenz kloer ze verstoen. An didaktesch. 't geet ëm d'Urgencen, den 113. Wéi freet de Polizeiagent um Telefon präzis a kompetent wat, wou, wéi passéiert ass? Deen, deen urifft, dréckt sech net onbedéngt kloer an däitlech aus, wëllt net alles soen, ass net geschéckerlech am Beschreiwen an hänkt dem Polizist am uergste Fall op der Nues den Hörer an. Wiem seng Schold? Dorëms ginn dem Ley seng Modellfäll. D'Telefonat gëtt anonymiséiert a verschréft an da pléckt hie Saz fir Saz – d'Sätz vum Urgencentelefonist *an* déi vum Uriffer – auserneen, analyséiert hir Struktur, hie seet aus, firwat de Flic schlecht freet oder äntwert, firwat kee perséinleche Kontakt tëscht Ëmfänger an Uriffer besteet, an hie geet dann op de Wee vu Virschléi, wéi een et anescht an optiméiert maache kann. Objektiv besser. Weder subjektiv Veruerteelung, nach Kritik um Manktem u Beruffspraxis. Just eng Reflexioun an e Modellvirschlag vun enger *two-party conversation* an d'Propose vun enger Noutrufftechnik, déi och *déi* Kandidate léiere kënnen, déi am Polizeidéngscht net hir Beruffung gesinn, mä éischter eng geséchert Beruffszukunft a Gehaltkonkretiséierung beim Staat, ob si elo well eng Beruffscarrière als Infirmière oder zwee, dräi Joer Uni hannert sech hunn, oder nawell eng 12e oder eng 13e Technique.
D'Froe musse präzis gestallt ginn, ouni onnëtz Pausen, ouni direkt schonn den Uriffer ze veronsécheren oder ze taxéieren, ouni duerch d'Telefonat genervt ze sinn oder sech ze langweilen.
Aner Fallbeispiller a Material op Kassett oder Band ginn op de Leeschtungsprinzip hin ënnersicht. Wéi mécht en Eenzelnen oder en Zweeër-Team sech verständlech an ass a bleift op fir d'Diskussioun, och an net gesécherte Situatiounen oder a Sträit- a Konfliktphasen.

D'Zil ass, an der Ausbildung vu Promotiounskandidaten der Teamkooperatioun an der Kommunikatioun méi en héije Stellewäert ze ginn, deen an der Notatioun vun der Gesamtgruppeleeschtung duerch eng héich oder niddreg, resp. mëttel Nummer soll zum Ausdrock kommen.
Interventioun a Receptioun léiere sech, grad wéi Diktioun, Deklamatioun a Rhetorik oder Badminton spillen a Slalom fueren. Amtssprooch ass meeschtens net déi beschten Taktik, mä Nolauschteren an Duerchblécken. Och Erkennen. Net ob deen um aneren Enn vun der Leitung Kabes braddelt oder litt, neen, méi, erkennen, ob et, zemol wa Kanner uruffen, ëm Liewen an Doud geet oder ob dee Klengen net ieren d'Situatioun surevaluéiert oder einfach *falsch* aschätzt. Dat erkennen, wëll geléiert sinn, an sou Fäll an der Praxis kënne bewältegen, dorëms geet et dem Auteur an Dozent Ley an der praxisorientéierter Ausbildung.
Den Auteur geet potentiell Fäll duerch a léist d'Polizeistudenten a Rollespiller reell Situatiounen duerchhandelen an erliewen.
D'Buch ass eng Sensibiliséierung an e Manuell fir Enseignanten oder Séminairereferenten an der praktescher Ausbildung op Polizeischoulen.
Dat ass d'Essenz vum Buch.
Dat sech net u Polizeistudente riicht, mä un déi, déi si an hirem Curriculum de Beruff léieren.

Ob den däitsche soziologesche Modell op Lëtzebuerg passt, bleift eng oppe Fro.
't feelt och nach *déi* Analyse, déi op Polizeikadetten zougeschnidde wier, vun deene sech duerch esou Léier-Tester erausstelle géif, datt si net fir de gängege Alldagspolizeidéngscht gëeegent wieren.

Objektive Hermeneutik in der Polizeiausbildung ass awer net nëmmen Standardlecture fir Formateuren an Intervenanten.
't ass en intressant a „léierräicht" Buch, an dat all déi eraliese sollten, déi iergendwéi enseignéieren oder déi an de Polisten net nëmme Protokollschreiwer an Alkoholsbléiser gesinn.
Objektive Hermeneutik in der Polizeiausbildung vum Thomas Ley kascht 98 € an ass erauskomm beim Verlag Duncker & Humblot, zu Berlin.

Dauer Text: 7' 9''